## SHADIGA – d'Würfelspill matt de Formen

**Alter:** 4 +
**Spiller:** 2 - 4
**Dauer:** 10 - 20 Minutten, deemno wivill Stécker et sënn
**Zil:** am meeste Stécker an dat ganzt Bild ragesatt hann
**Zort:** Würfelspill matt geometrische Formen
**Iddi:** Blanche Kails 04.04.2016

**Ziler vom Spill:**
déi geometrisch Formen ënnerscheeden a richtig benennen
déi eenzel Deeler op déi richtig Platz setzen
déi spezifisch Reegele von dësem Spill respektéieren
schlau sënn, fir matt dem Joker eventuell ee Virdeel ze kreien

**Material:**
1 Basis-Plack matt der Formen-Andeelung (ouni Bild) a matt Ritsch-Ratsch fir all Form
4 mol all Eenzeldeeler von deem zerschniddene Bild matt all Kéier enger annerer Réck-Faarf: 1 rukt, 1 gréin, 1 blo an 1 giäll, all Deel matt Ritsch-Ratsch
1 Spezial-Würfel:
Quadrat, Rechteck, Dräieck, Trapez, Sechseck a Joker (= all Formen anneneen)
oder 1 normale Würfel (1-6) an 1 speziell Würfelbilder-Läist:



All Spiller setzt, nodeems hee gewürfelt hatt, de Würfel op dat richtigt Bild an domatt weess heen, wéi eng Form hee huëlle soll.

blanche.kails@education.lu

**Spillvirbereedung:** D'Basis-Plack gët an d'Mëtt vom Dësch gelaacht. Sou datt gidferee gutt draa kënnt. All Spiller wiällt seng Faarf an hee leet all Deeler matt „senger" Réckfaarf viraan sech op den Dësch.

**Spillverlof:** Et gët der Rei no dewürfelt. **All Spiller duërf nëmmen eng Kéier würfelen.** De Würfel bestëmmt, wéi eng Form draan ass. Ausser wann de Joker uëwwe läit. Da wiällt de Spiller d'Form. Heen nennt së mam richtigen Naam an hee leet së op d'Plack op déi richtig Platz.
Bäim Joker ass et wichtig, gutt ze iwwerleeën, fir dass de Spiller och dono nach Miglichkeeten hatt.
Wann de Spiller kengt Stéck hatt, wat passt, oder wann op der Plack keng Platz fräi ass fir sengt Stéck, da muss de Spiller passen.

**Spillschluss:** Wann dat ganzt Bild fäerdig ass, dann ass d'Spill riwwer.
Déi Deeler, déi net gebraucht goufen, ginn lo op d'Sait gelaacht.
All Deeler vom fäerdige Bild ginn lo rëm rafgeholl an de Faarwen no gesënnert.

**Gewënner:** Ween am meeste von senge Stécker am fäerdige Bild dran haat, ass gewonnen.

blanche.kails@education.lu

e paar Virschléi:

sou liicht, datt och déi vo 4 Joer konne mattspillen:





e bësse mi schwéier:









blanche.kails@education.lu

an nach e bësse mi komplex:





blanche.kails@education.lu